

Eis Sprooch léieren ?

Dat ass nun emol **net datselwecht wéi sech schoulméisseg un d'Däitscht, d'Franséisch, d'Englescht ze ginn**. Souwisou ginn zuguadderlescht allméiglech 'Spezialisten' sech net iwwer de Wee eens: déi eng schwätze vun analytescher, anerer vu synthetescher oder strukturo-globaler, induktiver, deduktiver a wat-weess-ech-nach Manéier/Method... mä wéi huet den Helmut Kohl nawell gär gesot: *Wichtig ist, was hinten rauskommt!*

Wien **1945 am 6. Schouljoer** war, deen hat bis dohinner kee Spoun vu Franséisch matkritt. Déi Schoulmeeschteren a Professeren, déi äis duerno an e puer Joer um Camus seng Sprooch kritt hunn, dat ware beileiwe keng glat-poléiert pädagogesch Theoretiker, mä riichtewech fläisseg (dacks streng an heinsdo onge-recht) Praktiker!

No all deem Gefiederméchels, wat een haut héiert a matkritt, misste 'mir aner' am Franséischen déi allerlescht Nullerte sinn. Dat si mir ower net; glat net. Also kann d'Fassung, wéi mir d'Franséisch, souzese mat der 'Schwéngsball' bäibuecht kruten, **net esou grujeleg dolaanscht** gewiescht sinn. Si war am Fong 'schrecklech': Schaffen aplaz braddelen. Et guffen unbekannt Wierder ennerstrach an als Vokabele gebéchst; nach haut ass dem Ernest Pérochon säin 'à l'Ombre des Ailes' fir mech eng Grujel. 'Stammzäite' si wéi Allerhelleg-litaneie gedresch an erofgeleiert ginn; all gudden Dag guff et e puer Zeilen aus engem Text auswänneg ze léieren, déi een dann och huet misse schreiwe kënnen... et konnt all Ament e Kontrollblat op d'Bänk geflu kommen. Exercicen an Traductioun si 'gebaatscht' ginn... Geographie a Bio krute mir gelungenerweis op franséisch dohinner geklaakt (well nach keng däitsch Bicher do waren). Mir guffen also **praktesch dra gezappt**, e bésse wéi den Asterix... et huet zerguttst 'bäigehäl'! Wien sech no enger gewässer Zäit (no 4^e/3^e) da fir stilistesche a literaresche Turnerei interesséiert huet, deen ass op d'Schinn komm.

Wat huet dat 'Gemelters' dann elo mam Léiere vun eiser Sprooch ze dinn? Mä gaaanz vill! **Ouni 'Vokabele' geet et net; ouni heiansdo e puer Zeilen (net nëmme Gedichter!) aus engem Buch (Manderscheid, Rewenig, Mil Angel asw.) auswennege ze léieren a propper 'opzesoen', vläicht och ze schreiwen, ass net vill dran**. Wéi léieren d'Kanner 'hir' Sprooch dann: Lauschteren (kleng Kesselen hu grouss Oueren...), e Wuert noplapperen, en etlech Wierder, d'éischt ouni Verb, unenee setzen, 'grammatesch' heiansdo fir sech ze rulle vu Laachen... mä no an no kritt dat Gedruddels eng Uerdnung; et zitt sech riicht wéi e geknuejt Kleederstéck. Am Normalfall ass dat deen natierleche Wee, fir eng Sprooch ze léieren, och eis! Mä besser ass jo, wéi et schéngt, dat Einfachst komplizéiert maachen ☺

Wat ee plazeweis vu Sproochcoursé matkritt, dat geet an deem Sënn op keng Kouhaut. Da kënn nach dacks dobäi, dat d'Léiermeeschtere perséinlech net déi allerdennste **pädagogesch Oder** hunn, fir engem eppes bäizebréngen. Wéi am ganzen Enseignement geet et nun emol net mat 'Fachwëssen' an engem schéin agerummen Diplom duer; et war, ass a bleift eng Fro vu Gefill fir déi, déi vrun engem sätzen, also 'Empathie'.

A Frankräich, Däitschland, England oder soss enzwou kritt een d'Sprooch vum Land laanscht d'Ouere geha... **bei äis gëtt e 'Frieme' bal vun de Leit alleguer an senger oder soss enger verständlecher Sprooch vun eiser Sprooch... ewechgehal!** Hei geet keng Ried vu 'Schold' mä nëmme vun engem Problem, deen et op déi Manéier an anere Länner net gëtt: also keng natierlech Widerhuelung vum Schoul-Cours!

Sicht emol...

Apaart an der Sprooch vum normalen 'Alldag' huet d'Lëtzebuergesch e Fong, dee verwonnerlech eegen/typesch ass... wa mir äis emol éierlech domat ofginn. Bei allen Ausdréck ëmmer erëm an **nëmmen duerno sichen ze goen, wou se dann hierkéimen, dat ass eng Uluecht, déi dem 'normalen' Däitschen, dem Fransous oder Englänner jo och net an d'Kopp kënn;** dat iwwerloossen déi enger Zort Wëssenschaftler, déi mir 'Etymologen' oder 'Sprach-Herkunftsfor-scher' nennen.

Et gëtt an all Sproochen déck an dichteg Dictionnairen doriwwer (*Duden 7, Petit Robert1, Oxford Etymological*). Do fënnt een dann dacks Explikatiounen, déi glaskloer sinn; anerer schéngen zim-lech mat den Hoer erbäigezun; erëm anerer sinn aus dem fréien, am beschte Fall aus dem spéide Mëttelalter, also erëm nëmme fir Spezialisten ze genéissen... mä do musse mir ëmmer drun den-ken, dat Kulturgeschichte a politesch 'Verwuerelter' net aus de Sproochiwwerleeungen ewechze-denke sinn... just fir d'Lëtzebuergesch huet nom immens fläissege Pofesser Joseph Hess (dem gudde 'Bulli') nach knapps een sech konsequent dofir an d'Sträng gehäit... eis UniLu schéngt net drun ze denken.

Kann z.B. een äis soen, wou eist Wuert 'éimeg' hierkënn (ugeholl, dat et bekannt ass), wéi et sech mat den Ausdréck 'nëmmen' an 'erëm' huet, a woufir een sech an eiser Sprooch 'dacks hout', ower nach ëmmer keng *Midderchen* huet... sou wéi mir hei an ärer KLACK... ewell 18 Joer an 175 Nummere laang...

Dat giffen, als DinA5-Bicher gesat, 4 Stéck mat 300 Säiten ☺

Probéiert emol...

Dëser Sätz op Däitsch oder Franséisch ze iwwersetzen: *Mam Jang fiers de am beschten, wann s de mat em fiers. Dee gräissleche Mued huet sech erëm net ginn. Hënn huet et elle gefacht an d'Dieren hu gerabbelt. De Misch ass wéisch; dat gesäis de well u senger schroer Kuck. Dat verfroosent, mockelegt Kett huet sech de Mo verbellt; elo souert et.*

Wann dir zu Walfer op de Bicherdeeg bei äis laanscht kommt, da kritt dir d'Buch EISES fir e Braderies-Präiss a kënn dëser (oniwwersetzbarer) Sätz kéipweis zesummebauen!

vum Lex Roth



Bedenkt emol...

datt et ganz sécher knapps ee Fransous, een Däitsche an och bestëmmt keen Englänner gëtt, dee jidfer Ausdröck kennt, deen hien an engem décken Dictionnaire vu senger Sprooch begéint. Dat ass einfach net dran, well **den 'normale' Mënsch (net de Spezialist) gebraucht a versteet – esouguer a senger eegener Sprooch – knapps méi ewéi 20 000 Wierder**... dat sinn der nach vill, well e gudde 'basic langage', dee 'bréngt et' mat 6 bis 8dausend Wierder. An egal watfir engem 'Idiom'!

Firwat dës Bemierkung? Mä well e sëlliche **Leit mengen, e Lëtzebuerg misst jidfer Wuert aus senger Sprooch kennen**, déi och e ganz respektabele Vocabulaire huet. Klortext: Wa mir e Wuert héieren oder gesinn, dat mir net kennen oder gebrauchen, da wëllt dat ëmgottesbiddeswël-len net heeschen, dat et deen Ausdröck net giff ginn! Méi koppeg nach: «Dann ass dat en aalt Wuert, an iwregens meng Mamm huet dat och net gebraucht», jo an? Déi gutt Mamm, dee brave Papp, d'Leit aus eiser Strooss oder dem ganzen Duerf... déi hunn och eis ganz Sprooch net kënnen kennen. Hei kënn nach dobäi, dat **d'Lëtzebuergesch keng grouss Schréftsprooch war/ ass, an deer een automatesch (am 'Kontext') Wierder entdeckt/léiert**, déi da wéi vumsel-wen an de Sproochverstand a -gebrauch eralafen.

Eng aner Iwwerleeung: Wann et eng Saach oder eng 'Handlung' (bal) net méi gëtt, ass et iwwerall normal, dat den Ausdröck verblatzt an zugudderlescht verschwënnt. Huel emol Wierder wéi 'eng Gelp'- 'en Heehapp'- eng 'Kierp'- Gehäck, 'Bräch'- fléitzen, feeën, fooschen, bauchen... déi si praktesch net méi am Gebrauch, well een se net méi néideg huet. Eng aner Ursach sinn dann eis Ausdréck, déi duerch de Radio, d'Televisioun an aner Medien an anere Sproochen an de Motzeck gedrückt ginn, wat ower keng Ursach ass, fir ze soen, dat wier 'nach ëmmer' esou gewiescht... wéi heescht et esou schéin: Ursache sinn do, fir ze gebrauchen.

Hierscht-Sprooch...

An all 'eise' Sproochen, déi mir duerch eis Sproochsituatioun begéinen, fënnt ee fir **dës Zäit vum Joer 'Gefills-Gedichter'** iwwer den Hierscht. Wie kennt net deer Leit, déi 'flemmseg' ginn, depressiv, oder de 'Blues' hunn, wann d'Sonn sech méi rar mécht an d'Däischtert Tromp ass. Wa mir a Prosa oder Dichtung iwwer Gefiller a Stëmmung schreiwen, also 'Lyrik', dann ass dat natierlech eng aner 'Gei' wéi dat, wat mir iwwer dat 'geckege Bicki' vu Fréijoer kennen. **Gefiller – deer méi 'hänkeger' grad ewéi deer méi 'geckege' – kann ee klorerweis och op Lëtzebuergesch ausdrécken;** dat Talent huet ower net jiddereen, deen et vläicht gutt mengt, mä mir haten an hunn (och nach haut) en etlech Leit vu Qualitéit an deer 'Branche' op-weises. Een dovun ass den Tit Schroeder, deem säin 100ste Gebuertsdag vrun engem Mount zu Useldeng vun der Gemeng, dem Syndicat, zesumme mat engem Georges Calteux 'op Zack' schéin a verdéngt fir 'hiren Tit' gefeiert ginn ass. D'Buch vun deer Feier a mat der ganzer Lyrik vum Tit Schroeder kënn dir iwwer den Telephon bestellen (**Jos.Wampach 23 63 06 22**). Hei e Gedicht vum Professer Schroeder, dat an dës Woch era passt... loosst iech et emol ganz lues laanscht d'Gefill lafen,

Ëm Allerséilen:

't ass dréif an däischer, schuddregkal
an d'Dueref läit am naassen Niewel...
haut gëtt et nit vru Mëtteg Dag,
't gesäit ee knapps den Nopeschgiewel.

Ee wielecht Blietchen hänkt um Bam,
deen haut elauter Drëpsen dréit...
't ass lusssegkal an dréif an naass,
den Niewel reest, den Drëpsschlag schléit.

All Blat a Blumm ass dout an dier,
den Hierscht huet Bam a Stack geschuer...
kee Bommel, Päipel a keng Bei,
de Gaart huet all seng Gäscht verluer.

Mä onversinns huet d'Blietchen sech gedréint –
ma neen ! Et ass en Zounkbutz, deen lo kréint !
Et ass nit vill, wat nach vum Summer blouf –
An dach – eng Grimmel, déi nit wielech gouff.

Walfer Bicherdeeg

*Dat ass eng formidabel Geleeënheet, fir hei am Land an déi schéi **Welt vum Buch** ze klammen, och déi a Lëtzebuerg Sprooch ! Ob een sech fir eng 'Okkasioun' oder eng nei Editioun intresséiert... déi zwéin Deeg si genuch Editiounen, Publikatiounen, Okkasiouns-Stänn an e sëlliche Leit ze fannen, fir sech en etlech genëssege-intressant Stonnen ze maachen.*

*Zu Walfer hunn der ewell Honnerten hirt onverhofft '**Bichergléck**' mat neien an Okkasiouns- Saache begéint... et ass wierklech dowäert! Iwregens kënn dir do och ganz gutt nammen ☺*

Wéi all Joer, si mir och dës Kéier mat eisem klenge Stand fir iech do: samschdes/sonndes, den 19. an 20. November... mat gaaanz flotte Präisser. Kommt kucken!